N°7277
Entrée le 02.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.12.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2022

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Aide-Soignanten hu wärend der Pandemie wäertvoll Déngschter fir eist Land a seng Bierger geleescht. Si sinn e wichtege Bestanddeel vun eisem Gesondheetswiesen. Wann een awer um Internetsite vun MEN nokuckt, fir Informatiounen iwwer déi ugestriefte Reorganisatioun vun den Ausbildunge fir Gesondheetsberuffer gewuer ze ginn, stellt ee fest, datt de Beruff vum Aide-Soignant do quasi inexistent ass. Dobäi kënnt, datt, wéi een an engem Artikel am *tageblatt* vum 28.11.2022 („Wat geschitt mam Beruff vum Aide-Soignant?") noliese kann, datt an de Klinicke lo scho bal keng Aide-Soignante méi agestallt ginn, well d'Infirmièren d'Responsabilitéit fir déi medezinesch Handgréffer vun den Aide-Soignanten iwwerhuele mussen. Et schéngt den Aide-Soignante keng Eegeverantwortung méi zougetraut ginn.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi eng Mesuren ergräift d'Regierung, fir de Beruff vum Aide-Soignant besonnesch bei de Jonken ze promouvéieren?
2. Kann d'Regierung confirméieren, datt bei der Reorganisatioun vun den Ausbildunge fir Gesondheetsberuffer och de Beruff vum Aide-Soignant mat consideréiert gëtt? Wann net, wie soll d'Aarbecht vun den Aide-Soignanten um Terrain iwwerhuelen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

Jeff Engelen, Deputéierten

N° 7277
Entrée le 18.01.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an der Gesondheetsministesch, Paulette Lenert, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7277 vun den honorabelen Deputéierte Fred Keup a Jeff Engelen.**

**Ad 1)**

De Gesondheetsministère huet am September 2022 eng grouss Campagne "Healthcareers.lu" lancéiert. An dëser Campagne ginn déi reglementéiert Gesondheetsberuffer valoriséiert a promouvéiert. An enger éischter Phas ginn d'Gesondheetsberuffer vum Aide-soignant, niewent dem Infirmier, der Hiewamm, dem Infirmier an Anesthésie a Réanimatioun, dem Infirmier en pédiatrie an dem Assistant technique médical de radiologie virgestallt.

Den Aide-soignant schafft am Binôme mat dem Infirmier an de verschiddene Secteure vum Lëtzebuerger Gesondheetssystem; dëst gëtt och deementspriechend op dem Site "Healthcareers.lu" presentéiert.

An der Rubrik *„témoignages"* ginn zwee Videoe presentéiert, wou den Beruff vum Aide-soignant am Spidoolssecteur an am Secteur "*aides et de soins à domicile"* valoriséiert a promouvéiert gëtt:

Den Aide-soignant ënnerstëtzt krank an net krank Persounen an der Realisatioun vun alldeegleche Grondbedierfnesser wéi der Alimentatioun, der Hygiène, der Mobilitéit, fir nëmmen dës opzezielen. Den Aide-soignant ferdert och d'Autonomie vun de Persounen. Doduerch huet den Aide-soignant eng privilegéiert Relatioun mat de kranken an net kranke Persounen: Duerch seng Observatioun a Kommunikatioun kritt den Aide-soignant wichteg Informatiounen iwwer déi physesch a psychesch Gesondheet vun den eenzelne Persoune mat. Dës Informatioune sinn essentiell an enger Prise en charge, déi zu méi Qualitéit a Sécherheet vun der Persoun féiert.

**Ad 2)**

De Beruff vum Aide-soignant soll och no der Reorganisatioun vun der Formatioun vun de Gesondheetsberuffer an senger aktueller Form weider bestoen. Den aktuelle Projet gesäit keng Changementer um Niveau vum Inhalt vun der besteeënder Formatioun vir.

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH